N°8019
Entrée le 22.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.05.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 22. Mee 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

De Sonndeg, 21. Mee 2023, ass et um Radio 100,7 an der Emissioun *Kaarten op den Dësch* ëm d'Sécherheetssituatioun am Land, an notamment der Stad Lëtzebuerg, gaangen. Eng Vertriederin vun déi Gréng huet dobäi folgend Zuele, zum Effektiv vun der Police an de rezente Rekrutementer, genannt: *„30% méi Police ass schonn um Terrain. De Minister Kox huet et fäerdeg bruecht säit 2020, 900 Police Persounen ze engagéiere, dat heescht et ass méi Police um Terrain. Mee Repressioun eleng geet definitiv net duer".*

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet stellen:

- Kann den Här Minister déi uewe genannten Zuelen an Informatioune confirméieren?
- Wéi vill méi Personal ass, an Nettozuelen, y inclus alle méiglech Forme vun Ofgäng, säit 2020 beim Effektiv vun der Police um Terrain dobäi komm? Wéi eng Zomme mëscht dat Stand haut?

De Plan de recrutement fir d'Police, deen am Joer 2019 an Accord'en mat de Gewerkschafte festgehale ginn ass, gesäit vir, dass bis 2026, 621 méi Polizisten um Terrain solle sinn.

- Wéi wëll den Här Minister dës Zuel erreechen?
- Ass d'Regierung der Meenung, dass dës Unzuel u Poliziste géif duergoen, fir der aktueller Sécherheetssituatioun am Land gerecht ze ginn?

Här President, mir bieden Iech dës Froen, mat eisem déifste Respekt unzehuelen.

**Elisabeth Margue**
Deputéiert

**Laurent Mosar**
Deputéierten

N°8019
Entrée le 07.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 8019 vum 22. Mee 2023 vun den honorabelen Députéierten Elisabeth Margue an Laurent Mosar**

Opgrond vun engem Mëssel goufen den honorabelen Députéierten leider inkorrekt Zuelen an der virreschter Äntwert op d'parlementaresch Ufro n°8019 kommunizéiert.

De Rectifikatif vun der Äntwert présenteiert sech folgendermoosen:

Den 1. Januar 2020 hat de Policekader vun der Police een Effektiv vun 1.890 Polizisten an et waren 76 Stagiairen an der Ausbildung. Op den 1. Juli 2023 sinn et 2.070 Polizisten an 397 Stagiairen, vun deenen der 166 Ufank Juni 2023 no hirem "Serment spécial" an der praktescher Ausbildung um Terrain ugefaangen hunn. Den Effektiv vum Policekader ass also an dräi Joer vun 1.966 Membren Ufank Januar 2020 op 2.467 Memberen Ufank Juli 2023 eropgaangen.

An dësem Kontext ass et och wichteg ze ënnersträichen datt gläichzäiteg den Effektiv vum Zivilkader vun der Police vun 394 Persounen Ufank Januar 2020 op 674 Persounen Ufank Juli 2023 eropgaangen ass. Dëst weist datt d'Polizisten iwwert déi läscht 3 Joër ëmmer méi vum Zivilkader konnten entlaascht ginn, waat et hinnen erméiglecht sech ëmmer méi op hier Aarbecht um Terrain ze konzentréieren.

De Gesamteffektiv vun der Police ass also vun 2.360 Memberen Ufank Januar 2020 op 3.141 Ufank Juli 2023 ëm 781 Memberen eropgangen.

Wat de Rekrutement betrëfft, huet d'Police dräi ganz erfollegräich Campagnen hannert sech. Dëst Joer goufen an den Traitementsgruppe B1 a C1 191 Stagiairen den 1. Mee ugestallt. D'Efforten fir den Rekrutement vun der Police wäerten an de nächste Jore weidergefouert ginn, fir esou déi néideg Verstäerkungen ze erreechen, déi d'Police brauch fir och weiderhin hier Missioune kënnen ze erfëllen.

Lëtzebuerg, de 6. Juli 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX